

## CSV – DP – Marcel Humbert

Eis éischt Prioritéit ass et, an deem besché méiglechen Delai en aktualiséierte Budget ze presentéieren an zum Vott ze stellen. D'Geschäfte vum der Gemeng sollen esou séier ewéi méiglech ouni Aschränkunge lafen.

Déi lafend Chantieren, wéi:

- rue Notre Dame, rue de la Chapelle, rue de la Montée
  - Gemengenatelier
  - Parking Gare Käl mat Passage rue Biermescht-rue Jos Muller, a Waasserréckhaltebecken
  - Reparatur a Renovatiounsarbechten u verschidde Gebaier
- dreiwe mer mat der néideger Energie weider.

Fir d'Sécherheet am Verkéier ass d'Beliichtung vum de Foussgängersträifen e wichtegt Puzzelstéck, dat net feelen däerf. Mer iwwerpräiwen d'Fonctionnement vum de Verkéiersluuchten, fir esou d'Sécherheet op de Kräizungen am Allgemengen awer och speziell aus der Siicht vum de Foussgänger ze verbessern. Mer kucken, wou et Sécherheitsprobleemer aus der Siicht vum de Kanner a vu Persounen mat spezifesch Besoinen ginn, déi bis elo eventuell net als solch ausmaacht goufen.

Mer ënnerstëtzen de lokale Verkéier zu Fouss a mam Vëlo. Mer schafen am ëffentlechen Raum Sëtzméiglechkeeten, wou sech Foussgänger erhuele kënnen. Fir d'Vëlo gesi mer op strategesch Punkte Vëlosstänner vir.

D'Veräiner si wichteg Acteuren, fir d'Gemeng lieweg ze halen, an tëschemenschlech Kontakter ze fërderen. Mer setzen op d'Zesummenaarbecht mat de Veräiner a wäerten de Manifestatiounsagenda vum der Gemeng an déi digital Tafel fir d'Ukënnegunge vu ëffentlechen Manifestatiounen vum de Veräiner opmaachen.

Mer halen d'Infrastruktur vum der Gemeng an der Rei. D'Schied um Stroossennetz, déi jiddereen ëmmer erëm nerven, flécke mer esou gutt ewéi méiglech.

D'Gemeng Käl-Téiteng soll propper an aluedend sinn, esouwuel d'Stroossen ewéi och d'Parkanlagen.

D'Entwécklung vum de Schoulinfrastrukturen an d'SEAen dreiwe mer selbstverständlech weider.

Mer wëllen als Gemeng beim Wunnensbau méi aktiv ginn. Mer wäerte Pisten ausloten, fir bezuelbare Wunnensbau, alternative Wunnensbau a Wunnenge fir Senioren ze realiséieren.

Mer wëllen en Duerfentwécklungsplang. Mer maachen eng Analys iwwer d'Arbechten, déi an der Gemeng ustinn, hir Käschten, d'Fonctionnementskäschten an d'Finanzéierung (Schoulen, Schlakentipp, Erschléissung vum Drénkwaasser, Waasserréckhaltebecken, Projet Widdem, Käl-Nord, Zukunft vum der Faubourg-Schoul, Investissementen an de Syndicaten, Stroossennetz an Infrastrukturen).

Mer lauschten op d'Bierger a wëlle si mat abannen. Eis Diere sti reegelméisseg op. Är Meenung ass eis wichteg.

Mer engagéieren eis, d'Natur an an ausserhalb den Uertschaften ze erhalen a Verbesserungen an d'Weeër ze leeden.

De Verkéier ass an eiser Gemeng e Problem. D'Arbechten, déi op der Autobunn virgesi sinn, wäerten de Verkéiersproblem sécher net verbessern. Mer reegen en regionaalt Konzept un, fir de Verkéier esou gutt ewéi méiglech an de Grëff ze kréien.